Dezember 2016

den EU-Pefferkär

E gudde Rutsch... an en neit Europa

ausschneiden an un d'ADR schécken:
22, rue de l'Eau L-1449 Lëtzebuerg

Gitt Member an der ADR!

Joresbäitrag: 14 €, 20 € (Stot),
5 € (Schüler, Student)
Numm, Virnumm

.....

Adress:

.....

.....

Telefon:

.....

Email:

.....

The ACRE is recognised and partially funded by the European Parliament. The views expressed in this publication do not necessarily reflect those of the European Parliament. The European Parliament cannot be held liable.

D'Joer 2016 geet esou lues sengem Enn zou. Et war kee gutt Joer fir d'Europäesch Unioun! 1951, hu sechs Natiounen zu Lëtzebuerg d'CECA (D'europäesch Gemeinschaft vu Kuel a Stol) gegrënnt. No an no sinn am ganzen 28 Länner der Europäescher Unioun bäigetratt.

Awer den 23. Juni huet eng Natioun beschloss, aus der Gemeinschaft auszetrieden. D'ADR respektéiert dës Decisioun vum britesche Wieler! Hien huet domadder e ganzt staarkt Signal un de Rescht vun der Unioun geschéckt: Europa kann net méi esou weider maachen!

Am Laf vum Joer hunn weider Länner Warnschëss ofginn. De 4. Dezember huet an Éisträich den Norbert Hofer, deen haart iwwert e Referendum zum „Öxit" (Austrëtt vun Éisträich aus der EU) nogeduecht hat, d'Walen nëmme knapps verluer. An Italien huet deeselwechten Dag de Matteo Renzi, e „pro Europäer", eng kloer Nidderlag mussen astiechen. Och hei huet, nieft anerem, d'Onzefriddenheet vun de Bierger mat der Europäescher Unioun eng Roll gespillt.

Absënns dësen dräi Resultater si weider däischter Wolleken iwwert Europa gezunn. Et gëtt a villen Dossieren, z.B. an der Flüchtlingspolitik, mat haarde Bandage gekämpft. Dat geet esou wäit, datt de Lëtzebuerger Ausseminister den Ausschloss vun Ungarn aus der Unioun gefuerdert huet! Schued, datt de Jean Asselborn net mat deene selwechte Moossen a Gewiichter an d'Tierkei fiert, an d'Verhandlunge fir e méigleche Bäitrëtt direkt an definitiv stoppt!

D'Warnungen aus dem Joer 2016 kéinten e gutt Zeeche si fir d'Europäesch Unioun, wann se dann endlech vun de Politiker verstane géife ginn. Si misste verstoen, datt d'Bierger net wëllen, datt hir Identitéit an engem groussen Dëppen ënnergeet. Si misste verstoen, datt d'Bierger wëllen eescht geholl ginn an ëm hir Meenung gefrot ginn. Si misste verstoen, datt d'Bierger méi Demokratie vun ënnen a manner Zentralismus zu Bréissel wëllen. Si misste verstoen, datt Europa net däerf zum Symbol vum sozialen Ofbau ginn.

2017 gëtt e ganzt wichtegt Joer fir d'Europäesch Unioun. Et muss, a faire Verhandlungen, e Wee fonnt gi fir sech mat engem Groussbritannien baussent der Unioun ze begéinen. E sti wichteg Walen an Däitschland an a Frankräich un, déi och fir d'Zukunft vu ganz Europa grouss Bedeitung hunn. Woubäi et net däerf duerzou kommen, datt d'Achs Berlin-Paräis eleng iwwert dës Zukunft bestëmmt.

D'ADR wäert, 2017 an och duerno, zur Europäescher Unioun stoen. Et muss awer verhënnert ginn, datt e Federalstaat entsteet, wou all Member weider Souveränitéit muss ofgi bis näischt méi iwwreg bleift. D'ADR wäert sech fir en Europa vun den Natiounen asetzen, wou och weider op d'Stëmm vu Lëtzebuerg gelauschtert gëtt. D'ADR hofft, datt 2017 Lëtzebuergesch als offiziell Sprooch an der Europäescher Unioun opgeholl gëtt a verlaangt, datt d'Regierung déi néideg Demarchen ënnerhëlt.

Domadder wënschen d'ADR an d'ACRE och iech all vill Gléck am neie Joer.